LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

REÇU
Par Alff Christian , 16:11, 15/04/2021

Luxembourg, le 15 AVR. 2021

Objet : Question parlementaire n°3837 du 11 mars 2021 de Monsieur le Député Fred Keup concernant les patrons de stage de la Police grand-ducale

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

Henri KOX

Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir bannenzeg Sécherheet, Henri Kox, an dem Här Minister fir d'Fonction publique, Marc Hansen, op d'parlamentaresch Fro n°3837 vum 11. Mäerz 2021 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup iwwert de Patron de Stage bei der Police

Den honorabelen Deputéierte schreift, datt, senges Wëssen no, an engem Ofkommes vum 15. Juli 2011 tëschent der Regierung an der Staatsbeamtegewerkschaft CGFP festgehale gi wier, datt de Patron de Stage eng speziell Indemnitéit soll ausbezuelt kréien.

An deem Ofkommes vun 2011 steet näischt iwwert esou eng Indemnitéit. Dës gëtt awer an engem Accord de conciliation vum 30. Mäerz 2012 ernimmt.

An der Zäit tëschent dësem Accord an den definitive Reformtexter, déi 2015 a Kraaft getruede sinn, sinn nach Diskussiounen a Verhandlungen tëschent der Regierung an der CGFP gefouert ginn, dorënner och iwwert de Stage. Zu engem gewëssene Moment, dee mir awer net genee retracéiere kënnen, ass déi Iddi vun esou enger spezieller Indemnitéit fale gelooss ginn.